



Lëtzebuerg, den 13ten Dezember 2022

## **Pressecommuniqué vun de Stater Piraten**

### **Sécherheetspolitik vun der Gemeng Lëtzebuerg**

**D'Stater Pirate bedauern dat Gemeng Lëtzebuerg elo erëm eng Kéier op eng privat Sécherheetsfirma ouni reell Muechtbefugnisser zeréckgräift fir hire Bierger a Biergerinnen ze vermëttelen dat an der Stad an op der Gare eppes fir si gemaach gëtt.**

Datt d'Ursaache vun der aktueller Situatioun domat net verschwannen oder iergendeppes do drun duerch déi privat Sécherheetsfirma geännert ka ginn, gëtt dobäi geschéckt ënnert den Teppesch gekiert. Déi aktuell vu ville Léit (zu Recht oder Onrecht, well subjektiv), als onsécher empfonnte Situatioun ass d'Resultat vun enger jorelaanger a mësslongener Sécherheets-, Sozial- a Wunnengsbaupolitik esou wuel um kommunale wei och um nationale Plang.

An op schonn dat gewosst ass, gëtt trotzdem weider probéiert Symptomer ze bekämpfen fir nach kuerzfristeg virun de Walen ze punkten, amplaz sech mat de verschiddeenen Ursaache fir déi aktuell Situatioun ausenaner ze setzen, de Léit déi néideg Erklärungen (an Entschëllegungen) ze ginn an d'Responsabilitéit dofir ze iwwerhuele fir des laangfristeg ze verbessern.

Fir déi kriminell organiséiert Banden, op se elo klauen, heeschen oder bedréien, ass eenzeg an eleng Police zoustänneg déi dofir och muss déi néideg Moyeen (genuch Leit, adequat Gesetzer) vun der Politik zur Verfügung gestallt kréien. **D'Pirate fuerderen dofir vun der Regierung déi néideg Schrëtt fir genuch gutt ausgebildeten an equipéiert Beamten zur Verfügung ze stelle fir net nëmmen e Sécherheetsgefill ze schafe mee richtig Sécherheet hierzestellen!**

**Fir déi Léit, déi duerch eist Sozialnetz gefall sinn an op der Strooss gelant sinn, musse genuch Sozialarbechter engagéiert ginn an adequat dezentraliséiert Strukture geschaaft oder ausgebaut ginn. Dëst gëllt och fir déi Léit déi duerch hire Misär an Aarmut net nëmmen op der Strooss gelant sinn, mee och nach dem Alkohol an aneren Droge verfall sinn.**

Et däerfe keng Leit méi duerch dat soziaalt Netz falen, duerfir geet et net duer vun *Housing First* ze schwätze wann d'Resultat dat bekannten ass, d'Stad Lëtzebuerg muss déi néideg Strukture schafe fir alle marginaliséierte Leit ze hëllefen.

D'Präsenz vun engem private Sécherheetsdëngscht wäert zwar ville Bierger a Biergerinnen e subjektiviert Sécherheetsgefill vermëttelen, awer leider näischt un den Ursaache vun de

Mësstänn änneren. Schonn elo weisen d'Leit aus dem sozialen Hëllefsektor drop hin, dat déi Léit ouni Daach iwwert dem Kapp sech ëmmer méi aus dem Stadkär zeréckzéien an an deenen anere Quartiere vun der Gemeng Lëtzebuerg Zouflucht sichen. De Risiko ass ginn , dat dës Bewegung an aner Wunnquartieren , mat der Präsenz vu Sécherheetsleit an der Stad an op der Gare, wäert zouhuelen.

Eent ass sécher, Aarmut a Misär verschwannen net vun haut op muer a fir dem en Ënn ze setzen ass esou wuel Politik wéi och Zivilgesellschaft gefuerdert. **Dofir brauch et eng gutt opgestallte Police, een effikasse legale Kader a vill hëllefend Hänn fir d'Leit a Nout.**

**MATENEE FIR ENG STAD FIR JIDDEREEN**  
**Kontakt : [stad@piraten.lu](mailto:stad@piraten.lu) / tél: 20 33 37 90**